



**Äntwert vun der Madamm Sam TANSON, Ministesch fir Justiz,  
an dem Här Henri KOX, Policeminister, op d'parlamentaresch Ufro  
n° 5493 vum 12. Januar 2022 vum honorabelen Deputéierten Fred KEUP**

**Ad Fro 1 an 2 :**

Am Kader vun de penale Poursuite vun Infraktiounen fir déi de Gebrauch vun enger Waff als *élément constitutif* oder *circonstance aggravante* consideréiert gëtt, gesinn d'Artikelen 135 a 482 vun dem Code penal fir, wat ënnert dem Begrëff "Waffen" ze verstoen ass. Am Bezuch op Dispositiounen („*kriminell Doten*") aus dem Code pénal, gëtt bei strofrechtleche Verurteilungen deemno net den Ënnerscheid zwëscht legale Waffen an illegale Waffe gemaach.

Den Ënnerscheid teschent legale Waffen an illegale Waffe kann am Bezuch op d'Waffegesetz vum 15. Mäerz 1983 gemaach ginn. Eng legal Waff ass deemno eng Waff déi éischtens, net ënnert d'Kategorie vun de verbuedene Waffe fält, zweetens, autorisatiounspflichteg ass, an drëttens och beim Waffeservice vum Justizministère ugemellt ass. Eng illegal Waff ass *a contrario* eng Waff déi, entweder verbueden ass, oder autorisatiounspflichteg ass, a net am Waffeservice vum Justizministère ugemellt ass.

Der Police hier Datebanke sinn net drop ausgeluecht fir déi gefroten Zuelen, respektiv Recherchen, automatiséiert duerchzeféieren. Deemno ass et leider net méiglech déi gefroten Tabell ze präsentéieren. Aus de Statistiken déi zur Verfügung sti ginn déi folgend Zuelen ervir an dat op Bezuch op déi verschiddenst Infraktiounen aus dem aktuelle Waffegesetz vum 15. Mäerz 1983. Sou kéint zum Beispill och potenziell an der Statistik erfaasst si wann eng Persoun eng *activité de courtier d'armes* um Territoire vu Lëtzebuerg géif maachen (déi verbueden ass duerch den Artikel 27-1 vum aktuelle Waffegesetz) mat Waffen aus der Kategorie 1, dat heescht aus der Kategorie vun de verbuedene Waffen oder sech eng Persoun um Territoire vu Lëtzebuerg der *fabrication illicite* oder dem *trafic illicite* vu Schossaffen a Munitioun schëlleg mécht. Zum Beispill kéint awer och potenziell an der Statistik erfaasst si wann e Policebericht geschriwwen ginn ass am Bezuch op de Besëtz vun enger autorisatiounspflichteger Waff, déi awer zum Zäitpunkt vun der Kontroll net formell um Justizministère ugemellt war.

Nostoend opgelëscht sinn déi nei Affären / Dossieren am Bezuch op Infraktiounen aus dem aktuelle Waffegesetz vum 15. Mäerz 1983, op d'Referenzjoeren 2013 - 2020 :

|                   | 2013 | 2014 | 2015 | 2016 | 2017 | 2018 | 2019 | 2020 |
|-------------------|------|------|------|------|------|------|------|------|
| <b>DIEKIRCH</b>   | 43   | 28   | 51   | 40   | 60   | 32   | 34   | 37   |
| <b>LUXEMBOURG</b> | 231  | 244  | 261  | 258  | 229  | 211  | 246  | 246  |
| <b>TOTAL</b>      | 274  | 272  | 312  | 298  | 289  | 243  | 280  | 283  |



Nostoend opgelëscht sinn d'Condamnatiounen am Bezuch op Infraktiounen aus dem aktuelle Waffegesetz vum 15. Mäerz 1983, op d'Referenzjoeren 2013 - 2020 :

|                                                   | 2013     | 2014     | 2015     | 2016     | 2017     | 2018     | 2019     | 2020      |
|---------------------------------------------------|----------|----------|----------|----------|----------|----------|----------|-----------|
| <b>Chambre criminelle Luxembourg</b>              | 0        | 0        | 0        | 0        | 0        | 0        | 0        | 1         |
| <b>Cour d'appel Luxembourg</b>                    | 0        | 0        | 0        | 0        | 0        | 0        | 0        | 1         |
| <b>Tribunal correctionnel Diekirch</b>            | 0        | 0        | 0        | 0        | 0        | 0        | 0        | 2         |
| <b>Tribunal correctionnel Luxembourg</b>          | 0        | 0        | 0        | 0        | 0        | 0        | 0        | 16        |
| <b>Tribunal de la Jeunesse Diekirch</b>           | 0        | 0        | 0        | 0        | 0        | 1        | 0        | 0         |
| <b>Tribunal de la Jeunesse Luxembourg</b>         | 2        | 1        | 2        | 4        | 2        | 2        | 2        | 4         |
| <b>Tribunal de simple Police Diekirch</b>         | 0        | 0        | 0        | 1        | 0        | 1        | 0        | 0         |
| <b>Tribunal de simple Police Esch-sur-Alzette</b> | 1        | 2        | 0        | 0        | 1        | 1        | 2        | 0         |
| <b>Tribunal de simple Police Luxembourg</b>       | 0        | 0        | 0        | 1        | 1        | 0        | 0        | 1         |
| <b>TOTAL</b>                                      | <b>3</b> | <b>3</b> | <b>2</b> | <b>6</b> | <b>4</b> | <b>5</b> | <b>4</b> | <b>25</b> |

Lëtzebuerg, den 31 Januar 2022.

D' Ministre de la Justice

(s.) Sam Tanson